ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2020

Betreff: Hearing an der Kommissioun fir Verdeedegung a bannenzeg Sécherheet
Kopie un den Här Verdeedegunsminister
Kopie un den d'Madame Kommissiounspresidentin Stéphanie Empain

Här President,

ech géing Iech bieden, den Här Minister fir Verdeedegung a bannenzeg Sécherheet zum gëeegenten Zäitpunkt, awer spéitstens direkt no dem offiziellen Enn vum Etat de crise, an eng Sëtzung vun der parlamentarescher Kommissioun fir Verdeedegung a bannenzeg Sécherheet ze invitéieren.

Hie soll hëllefen, e Bilan ze maachen an Enseignementer aus dem Verlaf vun der Corona-Kris ze zéien an ze analyséieren, wéi mir eist Land nach besser op eventuell Ausnamesituatioune kënne virbereeden.

Den Här Minister kéint och seng Meenung iwwer d'Opportunitéit vun engem méi ambitiéisen Ausbau vun der Militärmedezin zu Lëtzebuerg ginn a besonnesch och vun engem Militärspidol, dat qualifizéiert Personal a Reservcapacitéite fir en Noutfall kann ubidden.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten


ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706